



Association du Personnel du Centre et des Services psycho-sociaux et d'accompagnement scolaires (APPSAS). Association sans but lucratif. Agréée comme représentation du personnel des SePAS et du CePAS.



Syndicat du personnel de l'Éducation nationale œuvrant spécifiquement dans l'intérêt des élèves à besoins éducatifs spécifiques

Lëtzebuerg, den 3. Dezember 2020

ADEQUAT AARBECHTSKONDITIONE FIR DAT EDUKATIIVT A PSYCHO-SOZIAALT PERSONAL AM ENSEIGNEMENT

Fir de 7. Dezember ass ee weidert Treffen tëschent de Verrieder vum Educatiounsministère an de Gewerkschaftsverrieder a Personalrepresentatioune vum edukativen a psycho-soziale Personal ugesat.

D'ALEE/CGFP, d'APCCA/SEW/OGBL, d'APPSAS, de SLEG/CGFP an de SPEBS/CGFP setze grouss Hoffnungen an dës Reunioun, datt endlech déi ominéis Notte vum Ministère, déi an de leschte Méint fir zimmlech vill Onrou um Terrain gesuergt hunn, zeréckgezu ginn an endlech e Sozialdialog zur edukativen a psycho-sozialer Aarbecht am Enseignement fundamental, de Kompetenzzentren an dem Enseignement secondaire entaméiert gëtt, mat engem uschléissende Legiferéieren.

Mir ginn dovunner aus, dass dësem Sujet elo endlech den néidege Respekt entgéint bruecht gëtt fir déi scho laang iwwerfälleg Verhandlungen iwwert d'Tâchen am edukativen a psycho-soziale Beräich vun de Schoulen zesumme mat eis ze starten. No enger éischer Entrevue de 6. Oktober, wou den Här Meisch ons Bedenken an Awänn gelauschert huet, gouf gemeinsam de 17. November festgehalten, fir sech erëm ze gesinn. Hei wollt den Här Minister Meisch, no Récksprouch mat senge Beamten, ons op ons Interventiounen äntweren an den Dialog weiderféieren. Dës Reunioun gouf vum Ministère kuerzfristeg op de 7. Dezember no hanne verluecht.

Déi 5 Gewerkschaften an d'Personaldelegatioune si sech eens, dass et lo un der Zäit ass, net nach weider Reuniounen onnéideg no hannen ze verréckelen, mä esou séier wéi méiglech en Zäitplang mam Minister festzeleeë fir dësem Sujet déi néideg Seriositéit fir déi zukünfteg Verhandlungen ze garantéieren.

Schliisslech waren et Beamte vum Educatiounsministère, déi am Juli 2020, ouni d'Abeséie vum Terrain, Notten un déi jeeweileg Schouldirektiounen erausginn hunn, déi d'Tâche vum edukativen a psycho-soziale Personal sollte vun haut op muer nei reegelen. Obwuel mir an de leschte Jore vermehrt Entrevuë mam Minister ugefrot haten, fir heiriwwer ze schwätzen, gouf et keen Usaz vun engem Sozialdialog.

Déi nei Notte vum Ministère zilen drop of, fir eis Beruffer, déi enk un d' Contraintë vum Schoulrhythmus gebonne sinn, als Bürosjob ze consideréieren. Dat geet kloer laanscht d'Realitéit vum Terrain a suergt net fir méi Qualitéit am Unterrecht oder an der Prise en Charge vu Schüler a Schülerinne mat spezifischen, psychologeschen oder soziale Besoinen. Op onsen Drock hin, ass

decidéiert ginn, datt déi besoten Notte net retroaktiv ugewannt sollte ginn. Mir verlaangen awer weiderhin, datt dës Notte komplett zeréckgezu ginn an datt et zu konstruktive Verhandlung kënnt!

Am Sënn vun de Schüler a Schülerinnen, soe mir geschlossen NEE zu enger Verschlechterung vun der edukativer a psycho-sozialer Aarbecht an de Schoulen a JO zu engem Legiferéieren.

MATGEDEELT VUN ALEE/CGFP, APCCA/SEW/OGBL, APPSAS, SLEG/CGFP a SPEBS/CGFP